Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme

A. S. B. L.

Luxembourg
9, rue du Fort Elisabeth
C.C.P. 313 24 -90
Boîte Postale 2415
1024 Luxembourg-Gare

Luxembourg, le 30 September 1991

C i r c u l a i r e
un all eis S e c t i o u n e n

Den Zentralcomité erënnert all Sectiounen drun d'Mëmberkaarten fir 1 9 9 2 bis spéitestens den 25. Oktober 1991 ze bestellen.

Opgepasst : N e i e P r ä i s vun eisem Bulletin.

Um Nationalkongress, den 4. Mée 1991 zu Monnerech, gouw den Präis vun eisem Bulletin " Les Sacrifiés ", nodém hien seit 1978, also während 14 Joer nët changéiert ass gin, mat dem Accord vun den Delegéierten op 15o Frang ab 1992, fest gesaat.

D'Cotisatiounen an d'Abonnement fir eise Bulletin sollen wa méiglech gläich akasséiert gin. Iwwerweist w.e.g. d'Gelder bis den 31.03.1992 op den C.C.P. 31324-9o vun der Associatioun an detailléiert um Coupon : Cotis.: ______ x 3o an bulletin: ____ x 15o fir 1992.

M E R C I!

Deelt all Changementer a Reklamatiounen nëmmen méi schrëftlech mat un : Fédération des V.d.N.e.r.f., Service des Abonnements, boîte postale : 2415 LUXEMBOURG - GARE.

Déi nei Mëmberlëschten vun 1991, oder schons déi vun 1992 sin direkt un de Caissier Mill NOëL, 1, rue de la Paix, L- 477o Pétange, ze schécken.

Mir hun déi nei Neijorgratulatiounslëschten dësem Circulaire bäigeluegt. Beweist è r Solidaritéit mat onser Fédératioun, kontaktéiert elô schons èr Mëmberen a Frënn, a schéckt dës Lëschten bis spéitestens, den 2o. Dezember eran fir datt se an eisem bulletin : " LES SACRIFIES ", No. 6/91 nach publizéiert kënne gin. Nozigler kommen dann eréischt an der bulletin No. 1/92. Mir hun den Tarif op 100 Frang, ( Mann a Frâ zesummen) firgesinn. All aaner Detailler stin op deene respektive Lëschten.

Rubans en or et en argent : Wéi an der Vergaangenhéet mussen d'Propositiounen fir 1992 dem Associatiounscomité bis spéitestens den 1. März 1992 virleien. Mir erënneren un den Artikel Nr. 7 vum Reglement iwwert d'Zouspiechen an d'Verdeelen vun onsen Ruban'en. D'Sectiouns - Comité"en mussen onbedingt d'Aktivitéiten+d'Meriten vun deene Komeroden genee ugin , fir datt eventuell Prioritéiten kënnen berücksichtegt gin.

Den Zentralcomité seet Iech all fir déi trei, gudd a prompt Mathëllef an der Vergaangenheet, souwéi an der Zoukunft en häerzlechen a komerodschaftleche MERCI a gréisst mat deene beschte Wënsch fir 1992.

Am Num vum Zentralcomité

Jos. WEIRICH
Präsident